N° 8308
Entrée le 31.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8308 vum 12. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwer d'Dauer vun de Krankeschäiner**

*1. Wéi laang war den Duerchschnëttskrankeschäin an de leschte 6 Joer, opgelëscht pro Joer? (Eng Kéier jeeweils op Maladie, Maladie Covid-19 an Accident de travail opgedeelt an eng Kéier zesumme gezielt) ?*

Den Tableau 1 weist d'Duerchschnëttsdauer, déi an Deeg ausgedréckt ass, vun de Krankeschäiner vun de Privat-Salariéen, opgedeelt op 3 verschidden Aarte vun Absencë: D'Krankheet ouni COVID-19, d'Krankheet COVID-19 an d'Absencen duerch en Aarbechtsaccident fir d'Joren 2017 bis 2022.

**Tableau 1: Duerchschnëttsdauer vun de Krankeschäiner opgelëscht fir d'Krankheet ouni COVID-19, d'Krankheet COVID-19 an den Aarbechtsaccident tëschent 2017 an 2022 a)**

| | Krankheet ouni COVID-19 | Krankheet COVID-19 | Aarbechtsaccident | Total |
|---|---|---|---|---|
| 2017 | 7,4 | - | 15,5 | 7,6 |
| 2018 | 7,3 | - | 16,0 | 7,5 |
| 2019 | 7,5 | - | 16,6 | 7,7 |
| 2020 | 9,7 | 8,8 | 19,2 | 9,8 |
| 2021 | 9,0 | 7,7 | 18,9 | 9,1 |
| 2022 | 8,1 | 7,3 | 18,6 | 8,1 |

*Quell : Centre commun de la sécurité sociale, Berechnung IGSS.*
*a) D'Donnéeë sinn net Joer-iwwergräifend, sou dass fir vereenzelt Fäll Episoden Ufank des Joers oder Ënn de Joers gekierzt kéinten sinn.*

*2. Wéi laang war den Duerchschnëttskrankeschäin an den éischte 6 Méint 2023? (Eng Kéier jeeweils op Maladie, Maladie Covid-19 an Accident de travail opgedeelt an eng Kéier zesumme gezielt)*

Den Tableau 2 weist d'Duerchschnëttsdauer, déi an Deeg ausgedréckt ass, vun de Krankeschäiner vun de Privat-Salariéen, opgedeelt op 3 verschidden Aarte vun Absencë: d'Krankheet ouni COVID-19, d'Krankheet COVID-19 an d'Absencen duerch en Aarbechtsaccident fir déi éischt Hallschent vum Joer 2023.

**Tableau 2: Duerchschnëttsdauer vun de Krankeschäiner opgelëscht fir d'Krankheet ouni COVID-19, d'Krankheet COVID-19 an den Aarbechtsaccident tëschent Januar a Juni 2023 a)**

| | Krankheet ouni COVID-19 | Krankheet COVID-19 | Aarbechtsaccident | Total |
|---|---|---|---|---|
| Januar bis Juni 2023 | 7,7 | 5,0 | 17,3 | 7,7 |

*Quell : Centre commun de la sécurité sociale, Berechnung IGSS.*
*a) Et handelt sech em provisoresch Donnéeën.*

Lëtzebuerg, den 31. Oktober 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen